

De Lex Jacoby ass vun eis gaang

De Lex Jacoby, e wichtege Lëtzebuerger Auteur an och Matbegrënner vun de Walfer Bicherdeeg, huet eis Welt leider den 20.11.2015, also just een Dag virun de Bicherdeeg mat 85 Joer verlooss.

De Lëtzebuerger Auteur gouf den 28. Februar zu Jonglënster gebuer a goung zu Koplescht an d'Primärschoul. Vu Beruff war hie Schoulmeeschter zu Klierf an seng literaresch Leidenschaft huet hien a sengem Niewenjob an verschidde- nen Zeitungen entdeckt.

Scho mam Erschéng vum sénger éischter Usammlung vun Gedichter mam Numm « Die Sehnsucht des Schamanen » huet hien vill Op- mierksamkeet op sech gezunn. No zwee Gedichtsbänn op Franséisch huet den Autor seng Sprooch an säi

Genre fonnt an sech op Reesliteratur an Tagebicher op Däitsch spezialiséiert.

Säit 1951 war hie Matarbechter vu villen nationale literareschen Zäitschrëften. Hien guet fir „Die Warte“ (eng Beilage vum Lëtzebuerger Wort), fir d'Lëtzebuerger Land, fir Les Cahiers luxembourgeois an „Nos Cahiers“ geschriwen a war den Éditeur vun der kultureller Zäitschrëft „De Cliärrwer Kanton“.

D'Kulturminstesch Maggy Nagel huet an engem Communiqué och un de Lex Jacoby erënnert an hiert Beileed ausgedréckt. De Lex Jacoby gouf a senger laanger Carrière mat etleche Bicherpräiser ausgezeechend, ënner anerem dem Prix de littérature 1957 an dem Servais-Präis 1996.

Interview mam Jemp Hoscheit

Wat huet Iech zum Schreiwen inspiréiert an wéi sidd Dir op d'Schreiwen komm?

Ech hun als Bouf ganz vill gelies. A menger Jugend hat mäi Papp e Bicherbuttek, an ech hunn deemols ugefaang „Fünf Freunde“ an „Die Schwarze Sieben“ ze liesen, a well mir an de 60er Joren kee Fernseh haten. Dofir misste mir dobaussen spillen an ech konnt do meng Fantasie ukuerbelen an hunn dann gläichzäiteg meng Freed um Buch entdeckt. A lues a lues wollt ech mir selwer Geschichten ausdenken an Abenteuer erliewen, well schreiwen ass fir mech en Abenteuer.

Wéi oft wart Dir schon bei den Walfer Bicherdeeg dobai?

Ech war eemol net do, well ech krank war, dat heescht fir d' 20sten Keier. Ech war vun Ufank un dobai.

Wie heescht Ärt neiste Buch an em wat geet et am Buch?

Mäi neit Buch heescht „L'imagination“ an et ass op franséisch. Et ass geduecht fir de Cycle 4.1 – 4.2 an et ass einfach geschriwwen. Déi schwéier Wieder sin erklärt. Ech hu versicht de Vocabulaire an de Saatzbau net ze komplizéiert ze maachen fir d' Kanner, déi sech mam Franséischen schwéier doen.

Et geet em e Meedchen, d'Marie-Rose, dat ganz gäre schreift a vill Fantasie huet. Heiansdo geet hatt seng Boma besichen, déi och gäre geschriwwen huet, mee well si eng Fra war, huet sie deemools net dierfte schreiwen. Am Joer 1940 war et verbueden fir Frae kreativ ze sinn. De Bopa huet dat verbueden. D'Marie-Rose huet d'Fantasie vu senger Boma geierft. An da begéint hatt enger Frau, déi hatt bei sech heem invitéiert an déi Fra huet e Geheimnis. Doduerch kënnt d'Marie-Rose an eng reel Geschicht, déi et sech emmer erdreemt huet. A méi kann ech elo net soen.

Interview avec Arielle Scangeli

Qu'est-ce qui vous a inspiré à écrire des livres?

Ce livre, donc „Pour vous il fera de même“, je l'ai fait éditer parce que je pense que c'est important que je partage ce que j'ai vécu, que moi j'ai rencontré Dieu. J'ai aussi écrit d'autres livres sur ma région mais ceux-la je ne les ai pas fait éditer.

Depuis combien de temps participez-vous à cet événement?

C'est la première fois et c'est très grand, on est bien reçus et bien logés.

En effet, il y a beaucoup de choses, beaucoup de livres différents et je me sens quand même un petit peu perdue.

De quoi parle votre nouveau livre „Pour vous il fera de même“?

Si je dis pour vous il fera de même, c'est parce que j'ai envie de dire à tous ceux qui le liront, même s'ils ne le lisent pas, que ce que Dieu a fait pour moi, il le fera pour vous aussi. C'est vraiment une aventure, c'est incroyable. Moi je l'ai vécu et je l'ai écrit.

Produziert vum Team vun der LRSL „Fënnef vir Zwou“ Schülerzeitung:

Tun Ast, Félix Weber, Margot Mangan, Christine Mangan, Morgane Kaempff, Laetitia Steuermann, Savannah Junck, Wendy Ferreira

E grouse Merci un d'Mme N. Reuland, Mme S. Canto, Mme P. Hesketh, den Här F. Martins an den Här L. Wildanger



JOERGANG 2, 21.11.2014

1. Sait: - Quo Vadis, Europa?
2. Sait: - d'Aktivitéiten bei de Walfer Bicherdeeg
3. Sait: - Concert vum Serge Tonnar a Legotrip - Interview mam Lucien Czuga
4. Sait: - De Lex Jacoby ass vun eis gaang - Interview mam Jemp Hoscheit - Interview mam Arielle Scangeli

D'Infoblat vum Lycée Robert-Schuman

De Lycée Robert-Schuman ass froulech mat dësem Newsletter e klenge Iwwerbléck iwwer dat mat op de Wee ze ginn, wat Iech hei zu Walfer op de Bicherdeeg erwaart huet. En Team vu Schüler aus dem LRSL, déi och eis immens erfollegräich Schülerzeitung „Fënnef vir Zwou“ produziéieren, huet och dëst Joer erëm d'Responsabilitéit iwwerhuel fir Iech hei e puer flott Eventer an interessant Interviewen mat bedeelegte Leit dokumentéiert ze hunn.

Luc Wildanger

Enseignant am LRSL



Quo Vadis, Europa?

D'Eröffnungsried vun de Walfer Bicherdeeg vun dësem Joer, gehal vum Walfer Buergermeeschter Guy Arendt, stoung ganz am Thema „Quo Vadis, Europa?“.

Mee wat ass eigentlech „Quo vadis“? Iwwersat aus dem Latäin bedeit dëst Zitat „Wouhi soll dat nach féieren?“ Lëtzebuerg läit net just als Nuebel matten an Europa, mee ass och Grënnungsmitglied vum der EU, déi sécherlech eng wichteg an zentral Roll spillt am politeschen All- dag op eisem Kontinent.

Vill Leit froen sech awer, wou eis Rees higeet. Europa kämpft mat ville Problemer an Herausforderungen. National Interessien kollidéieren op global Interessien, mee dëst Joer ass dës Saatz wuel awer och onfräiwëlleg e Symbol fir d'Flüchtlingskris, an awer leider och fir den Terrorismus, beid aktuell grouss Problemer vun eiser Gesellschaft an eng Herausforderung fir eis Zesummeliewen an Europa.

An esou gong et dann och an der Ried vum Buergermeeschter em d'Herausforderungen an d'Froen, déi bezüglech dësen Themen opgeworf goufen. Och gouf nach eng Kéier dorop opgeruff, keng Angscht ze hunn, sech aus dem Haus ze traue weiderhin öffentlech Veranstaltungen ze besichen a sech fir

Fridden, Bildung, Konscht an Demokratie anzesetzen.

Sie sinn véier Echfeiler, déi Europa ausmaachen sollen, grad elo an enger Zäit an der sech d'Fro „Quo Vadis, Europa“ ëmmer méi Leit stellen.

Esou setze sech an der neier Walfer Anthologie 2015: „Quo vadis, Europa? Texter iwwert Fridden a Fräiheet“ insgesamt 17 renomméiert Lëtzebuerger Auteuren op ganz ënnerscheedlech Aart a Weis mat Europa ausernee. D'Walfer Anthologie kritt

Dir an der Gemeng Walfer, bei den Editions Guy Binsfeld, an de Librairien an natierlech nach dësse Weekend op de Walfer Bicherdeeg!

RTL Dictée

Haut um Sonndeg Moie gong et um 10 Auer lass mat der alljährecher RTL Dictée. Wéi all Joer waren och dëst Joer rëm vill Leit hei zu Walfer fir sech fräiwëlleg engem Diktat ze stellen, wat mir als Schüler wierklech net novollzéie kënnen.

Jiddereen deen deelgehol huet, krut e Buch geschenkt, an déijene déi gewonnen hunn, konnten ëmmerhin ee Schmerzensgeld vun insgesamt 1000 Euro an Akafsbongen gewannen.

Die 21te Ausgabe der „Walfer Bicherdeeg“...

Die „Walfer Bicherdeeg“ sind eigentlich 1994 gegründet worden. Die Idee, in der Stadt Walferdingen eine Buchmesse zu gründen, fand ihren Ursprung an einem Stammtisch im „Café du 10 Octobre“. Zu-



fällig hörte Henri Hansen von der Walfer Kulturkommission davon und bot an, sich mit dem Gemeinderat in Verbindung zu setzen. Unter dem damaligen Bürgermeister Marcel Sauber stellte die Gemeinde der Buchmesse die Räumlichkeiten zur Verfügung. Und die Gemeindearbeiter bauten die Stände auf.

Am Anfang fand die Buchmesse nur an einem Sonntag im Centre Prince Henri in Walferdingen statt. Später wurde sie in zwei Sporthallen und große Zelte verlegt, da die Buchmesse immer mehr an Interesse gewann und das Centre Prince Henri nicht genügend Platz für die



wachsende Zahl an Büchern und Literaturinteressenten bot. Somit wurde zum Sonntag noch der Samstag hinzugefügt.

Die Walfer Buchmesse wurde zum Treffen Luxemburger und ausländischer Schriftsteller, und ist heute

fester Bestandteil der Luxemburger Kulturszene.

2006 wurde erstmals der „Lëtzebuerger Bicherpräis“ vergeben und erlebte einen glamourösen Auftakt. Die Leser und eine Fachjury bewerten die nominierten Werke. Diese Preisverleihung wird auch heute noch von den „Lëtzebuerger Bicherrediteuren“, dem Verband der „Luxemburger Buchverleger“ sowie der Gemeinde Walferdingen organisiert.

2012 startete die Buchmesse ihre Zusammenarbeit mit der Uni Lëtzebuerg, unterstützt durch Professor Frank Hofmann, und ist als „Tag der Philosophie“ be-

kannt. Die Themen Literatur und Philosophie wurden in einem attraktiven Rahmen im Festzelt diskutiert. So wurde ein Dialog zwischen der Wissenschaft und der Öffentlichkeit gefördert. Diese Zusammenarbeit hält an und kann 2015 bereits ihren vierten Jahrestag feiern.

Die fortwährende Vergrößerung sowie das steigende Interesse und Ansehen der „Walfer Bicherdeeg“ hat sie zur wichtigsten Buchmesse des Luxemburger Landes und der Großregion werden lassen. 2015 konnten die „Walfer Bicherdeeg“ ihren runden 20. Geburtstag feiern, und selbst Literaturgrößen wie Ingrid Noll finden den Weg nach Walfer.

Während der Walfer Buchmesse erfährt der Leser vieles über Neuerscheinungen auf dem Luxemburger Literaturmarkt, aber auch viele gebrauchte Bücher werden präsentiert und zum Verkauf angeboten.

Der interessanteste Teil bleibt aber wohl der Kontakt zu den vielen angelegtesten Autoren.

Marie-Jeanne Reichling hatte beispielsweise schon immer den Traum Schriftstellerin zu werden. Sie schreibt hauptsächlich Jugendbücher, die sie besonders gern in Schulen vor den Schülern präsentiert um die Jugendlichen vom Lesen zu begeistern. In ihrem neuesten Buch thematisiert sie das immernoch tabuisierte Thema der sexuellen Orientierung von Kindern. Doch auch vor modernen Themen wie Mobbing und Bulimie macht sie nicht halt.

Dr. Jasmin Rani Sinha schreibt über Synästhesie. Synästhesie ist abgeleitet vom altgriechischen Wort « syn



» was so viel bedeutet wie « zusammen » und « ästhetie » was « empfinden » bedeutet. Es bezeichnet die Verknüpfung verschiedener, physiologisch getrennter Sinne. Synästhesie tritt in vielen verschiedenen Formen auf. Nur ungefähr 4% aller Menschen sind betroffen, darunter aber immerhin fast 1 Schüler pro Schulklasse.

Lars Winter hingegen schreibt Kurzgeschichten und Kriminalromane. Er kommt aus Deutschland und seine Kriminalromane spielen auch im benachbarten Rheinland-Pfalz. Er schreibt für den Verlag seiner eigenen Tochter « Wind und Sterne », welches der einzige Verlag ist, der in Glückwunschkarten ganze Kurzgeschichten veröffentlicht.

Der französische Autor Mike Hallen schreibt seit zwei Jahren. Er schreibt über Philosophie, Pflanzen und Neuheiten. Sein letztes erscheinendes Buch ist « L' enfer au paradis ». Er ist zum ersten Mal auf den Büchertagen und begeistert von der tollen Atmosphäre.

Interview mam Lucien Czuga

Wat huet Iech zum Schreiwen inspiréiert a wéi sidd Dir op d'Schreiwen komm?

Ech hu mäi ganzt Liewe scho geschriwwen an hu mat 6 Joer ugefaange Mickeymais op Franséisch ze liesen. Ech war ëmmer begeeschtert dovunner.

Ech war an der Schoul ëmmer den éischten an de Sproochen, well ech ëmmer gelies hunn. Ech hu viru bal 30 Joer de Roger Leiner kennegeleiert an dunn hu mir séier rausfonnt, datt mir Loscht haten selwer Mickeymais ze schreiwen.

An dunn hate mir d'Chance datt de Bommeleeër ënnerwee war an sou hu mir de Superjhemp erfionnt. Wéi de Bommeleeërprozess fäerdeg war, huet de Superjhemp opgehaleen.

Wéi laang sidd Dir scho bei de Walfer Bicherdeeg dobäi?

D'Walfer Bicherdeeg hu sech ronderem de Roger a mech opgebaut. Mir sinn am Fong säit der éischter Kéier dobäi. Fir eis ass et e wichtege Dag, well mir hei mat de Lieser a Kontakt kommen, déi eis Superjhemp-Bicher kafe kommen. Mir hu scho 50 Bicher geschriwwen, déi am ganzen ronn 400.000 Mol zu Lëtzebuerg verkaaft gi sinn. Statistesch gesinn huet also all Lëtzebuerger zwee Bicher vun eis.

Wéi heescht Äert neiste Buch an em wat geet et am Buch?

Dat neitste Buch hunn ech net mam Roger Leiner gemaach, mee mam Pascale Veleine. Dat ass eng Zeechnerin vu Paräis, déi ech scho

säit Laangem kennen. D' Buch heescht „Jamie Blond. De Spioun vun der Kroun“. Den Jamie Blond ass sou een wéi säi grousst Virbild aus England, awer hien ass nach e bësse méi Macho an naiv. An en ass och intellektuel net sou ganz op der Héisch.

Drot Dir eppes zum Thema vun de Walfer Bicherdeeg „Quo vadis, Europa“ bäi?

Mir maachen an deem Sënn mat, dass de Superjhemp schonn zënter Joren als Comicfigur Lëtzebuerg representéiert. Mir probéieren d'Leit fir Europa ze begeeschteren an dat geet ënner anerem och iwwert de Superjhemp, well hien deene Jonken erklärt, wat Europa ass. An deen hun mir viru Joren entwéckelt, dat heescht mir hu schon eppes mat Europa ze dinn.

Concert vum Serge Tonnar & Legotrip

Wart Dir schonn ëmmer der Meenung, dass Musek maachen Är Leidenschaft wäert sinn?

Musek ass eppes, wat ee schonns als Kand a sech huet. Um Ufank ass een ëmmer fir d'éischt e Fan, selwer Musek maachen ass eppes, wat sech dann doraus entwéckele kann. Wat de Stil ubelaangt, do mécht een eben dat wat engem Spaass mécht. Och deen entwéckelt sech mat der Zäit.

Wéi kënnt et, dass dir bal nëmme lëtzebuergesch Lidder spillt?

Ugefaangen hunn ech, wéi vill Bands gréisstendeels mat englesche Lidder. Ech hunn awer och e puer däitscher a franséischer geschriwwen. Déi lëtzebuergesch Sprooch fir d'Texter ze benotzen, war éischter eng Aart Nieweprojet, a wéi ech bis eng Rei lëtzebuergesch Lidder zesummen hat, hunn ech den Album „Legotrip“ erausbruecht. Dohier och den Numm: „Egotrip“, well et mäi ganz eegene Projet war, onofhängeg vu mengem Bands, a „Lego“, well et meng

Kandheetssprooch ass, an awer och well ech mer deen Album sou ze soen zesumme gebaut hunn. Spéiderhinn ass dese Nieweprojet dann zu mengem Haaptthema ginn.

Wat huet Iech heihinner bruecht? Wat hutt dir mat de Walfer Bicherdeeg ze dinn?

Dëst ass net déi éischte Kéier, dass ech hei sinn. Gespillt hu mer hei viru e puer Joer schonn eng Kéier an och als Schrëftsteller hunn ech hei scho mäi Buch „De Bopebistrot“ virgestallt.

Är Liddertexter betreffe jo oft eis Gesellschaft. Wat wëllt Dir mat Ären Texter da genau aussoen?

Ech ginn zwar oft als gesellschaftskritesch duergestallt, mee di meeschte vu mengem Lidder hunn eigentlech guer näischt mat der Politik an der Gesellschaft ze dinn, mee mat mengem private Liewen



a deenen Erfahrungen, déi ech gemaach hunn. Ech schreiwen am Léifsten iwwert d'Liewen.

Wéi eng Projekte verfollegt Dir am Ament?

Ma viru Kuerzem hu mer jo den Album „Vill Harmonie“ erausbruecht, fir dee mer eng Rei Lidder mat engem Orchester an der Philharmonie nei opgeholl hunn. Mir spillen och nach am Januar en Thé Dansant am Hotel Cravat. Op eiser Internetsäit legotrip.lu kann een awer och alles vun eisem Programm matverfollegen.